Text: Nico Helminger
Illustratioun: Pit Weyer

Dark City

Et ass schéin hei. Et ass schéin hei, well et am Ableck déi beschtméiglech Welt ass. Hei ënnen. Ënner dem Buedem. Sou hu mer fréier gesot, ënner dem Buedem.

Haut seet dat kee méi. Well kee méi weess, datt et eppes driwwer gëtt. Iwwer dem Ënner-dem-Buedem. Heiansdo nach héiert een eppes. Déi eng oder aner Noriicht. Vun uewen. Ouni ze wëssen, wat stëmmt a wat net. Sécher ass: Et brennt ëmmer nach. A wou et net méi brennt, ass alles sou vergëft a verstraalt, datt kee Mënsch et do och nëmmen eng Sekonn géif aushalen. Mer hunn et verpasst, mat Zäiten an d'All ze fléien an eis do néierzeloossen. Um Mars. Oder och méi wäit. Lo liewe mer hei. Bal sou wéi mer do uewe gelieft hunn. Awer, wéi gesot, déi wéinegst kënne sech nach dorun erënneren. Si kennen nëmmen dat hei. Ech war nach uewen an hu matkritt, wéi d'Sonn geschéint huet a wéi sech d'Joreszäiten ofgewiesselt hunn. Hei, ënner dem Buedem, ass et ëmmer hell. E Paradox fir deen, deen dat uewe kannt huet. Am Fong dierft ech och net doriwwer schreiwen, dat ass net gär gesinn. Awer et gesäit jo och kaum een et. Well kaum nach ee liest. De Fortschrëtt huet Schreiwen a Liesen iwwerflësseg gemaach. Mär hu se en ale Computer gelooss. Eng Faveur, fir déi ech hinne Merci soen. Ech si lo 104 Joer al a ginn net méi ëmmer fir voll geholl. Et ginn net vill Leit hei a mengem Alter, obwuel dat duerchaus de Fall kéint sinn. D' medezinesch Versuergung ass gutt. Awer d'Gesellschaft huet decidéiert, datt d' biologesch Fuerschung anere Schwéierpunkter sollt nogoen. Am Sënn vum Fortschrëtt a vun der Gerechtegkeet. A vun der Leeschtung natierlech, déi noutwenneg ass, fir dës Gesellschaft weiderzebréngen. Al Leit produzéieren a konsuméieren mol net souvill wéi Jonker. An hunn déi domm Gewunnecht, sech mat der Vergaangenheet ze beschäftegen. Dat bréngt si op koppeg Gedanken. Deslescht nach huet e Professer mussen zerécktrieden, deen ugefaang hat, seng Stodenten ze beleidegen. An engem Cours iwwer transhuman Gestioun huet hien op emol ugefaang, déi heideg Toleranz ze vergläiche mat där vum Siècle des – (cancelled) – a sech op e gewëssen Här Arouet beruff, dee sech – (cancelled) – genannt huet a gesot hätt: – (cancelled) –. D'Stodenten hunn direkt säi Récktrëtt gefuerdert, an et huet mol keng héier Instanz gebraucht. Hien ass vum selwe gaang. Dat selwecht ass enger Professesch passéiert, déi gemengt hat, si misst der traditioneller Zweegeschlechtlechkeet ëmmer nach Bedeitung ginn. Wéi wa mer net scho vill méi wäit wieren! Verschiddener soen, et sollt een och sou Minoritéiten zu Wuert komme loossen, well schliisslech wieren déi, déi dës Gesellschaft op d'Bee bruecht hunn, och mol eng Minoritéit gewiescht. Dat ass sécher net ganz falsch, awer déi nei Toleranz seet kloer, wat toleréiert däerf ginn a wat net. An dat ass a sech jo och mol net sou nei. Je nodeem, wat ech hei antippen, korrigéiert mäi Computer, och wann et en alen ass, den Text ëmmer dann, wa mär e Feeler ënnerlaf ass. Oder och, wann ech am Sënn vum System ze wäit gaang sinn. Dat ass absolutt demokratesch. Et wëllt ee jo net an een Dëppe gehäit gi mat deenen Aktivisten, déi allgemeng Krommdenker

genannt ginn an déi ëmmer rëm probéieren, etabléiert Wourechten a Fro ze stellen. Et geet schliisslech drëm, solidaresch ze sinn, fir dës Gesellschaft kënne weiderzebréngen an och hei ënnen de Wuelstand wuessen ze loossen. Wien op Käschte vun der Allgemengheet eegewëlleg Meenunge verbreet, muss domat rechnen, datt en zu Rieds gestalt gëtt. D'Beweegung vun de Wakregen, déi zu engem groussen Deel un der Grënnung vun dëser Gesellschaft bedeelegt war, huet vun Ufank un dofir gesuergt, datt keen diskriminéiert gouf, weder wéinst sengem Geschlecht, nach wéinst senger sexueller Orientéirung oder senger Kierperform. Dat alles ass elo, wou mer d'Méiglechkeet hunn, ze wielen, wee mer wëlle sinn, net méi sou vu Bedeitung. Transhuman Entwécklungen hu mat sech bruecht, datt déi eenzel Wiesen sech no hirer eegener Virstellung kënnen entwécklen. Allerdéngs och nëmme souwäit dat vu staatlecher Säit erlaabt gëtt. An dat hängt rëm eng Kéier dovun of, wee wéi wou gebraucht gëtt. Jo, de Verbrauch an de Wuesstem si wichteg fir dës Gesellschaft. Amasoft, déi ablécklech gréisste Gesellschaft ënner dem Buedem, ass dofir zoustänneg. Dofir, an och fir déi ganz wichteg Kommunikatiounsentwécklung. Déi spillt an deem Ganzen eng entscheedend Roll, well mëttlerweil jo komplett nei Methoden op deem Gebitt entwéckelt goufen. Wéi ech virdru sot, gëtt kaum nach geschriwwen a gelies. Dat brauch keen, an dat vermësst och keen. Schliisslech huet d'Mënschheet sech nëmmen an enger ganz kuerzer Period vun hirer Existenz domat ofginn. Et goufe Kommunikatiounschips entwéckelt, déi de Leit ageplanzt ginn an déi Gedanke liese kënnen. Domat ass et ganz schwéier, een deen aner ze bedréien oder och eegewëlleg Gedanken ze hunn, wéi dat soss mol üblech war. Déi Wakreg schlofen net – den Numm seet et – a soubal ee géint d'Uerdung verstéisst, gëtt hien zurechtgewisen. Sou Leit kommen dann an en Zentrum fir besser berufflech Qualifizéierung. Behaaptungen, bei dësen Zentre géif et sech ëm – (cancelled) – handelen, goufen eendeiteg widderluegt. Et muss een och soen, datt et ëmmer manner Leit gëtt, déi géint déi allgemeng Richtlinie verstoussen. Déi nei Identitéitspolitik dréit hir Friichten, an d'Ënnerscheeder tëscht de Leit ginn ëmmer méi kleng. Et brauch also kaum nach – (cancelled) – vu baussen, well déi ënner – (cancelled) – hir Aarbecht mécht. Der leschter Ëmfro vun Amasoft no sinn iwwer 90% vun de Leit mam System zefridden. Hu vläicht mol deen een oder anere Verbesserungsvirschlag – an dat ass jo och gär gesinn –, awer am grousse Ganzen näischt auszesetzen. Amasoft suergt fir d'Leit, well Amasoft dank neister Technologien scho weess, wat deen Eenzelne brauch, ir hien et selwer weess. En – (cancelled) – Punkt bleift d'Energieversuergung. En Deel kënnt vum Feier uewen. Sou, datt den – (cancelled) – mol behaapt huet, mär géifen – (cancelled) – liewen a wieren doduerch interesséiert, d'Katastroph – (cancelled) – um Goen ze halen. Glécklecherweis hu Fuerscher et fäerdegbruecht, d'Energie, déi de mënschleche Kierper produzéiert, eleng duerch den Häerzschlag an de Bluttkreeslaf, anzefänken an ze optiméieren, sou datt et mëttlerweil méiglech ass, mat engem eenzegen Häerz tëscht 500 a 700 Wäschmaschinnen um Goen ze halen. Et gi fir sou Entreprisen ganz bestëmmte Wiese gebraucht, déi sougenannt Batteriemënschen, déi nëmmen do si fir Energie ze liwweren. Dat si gréisstendeels Fräiwëlleger aus den Zentre fir besser berufflech

Qualifizéierung. Déi Zentren hunn iwwregens sou e Succès, datt Leit sech fräiwëlleg dohi mellen. D'Universitéiten hunn nëmmen nach wéineg Zoulaf, matt Ausnahm vläicht vun der Héichschoul fir ugepasste Methoden, déi en alternative Modell zum klasseschen – a komplett vereelsten – Universitéitsmodell duerstellt. Wéi den Ekonomieminister, deen och fir d'Héichschoulen zoustänneg ass, richteg sot: Wa mer eis op déi sougenannt onofhängeg Recherche vun den Universitéiten hätte misse verloossen, da wiere mer laang erhingert. Et ass wuel och aus deem Eck, aus deem ech als fréieren Akademiker geleeëntlech déi Message kréie vu Leit, déi sech ëmmer nach mat der aler Uerdung identifizéieren. Sou gëtt et do e Grupp vu Leit, déi behaapten, d'J.K. – (cancelled) – wier ni transphob gewiescht a lo nach alles drusetzen fir déi Persoun – wéi och anerer – ze rehabilitéieren. Wa sou eppes bekannt gëtt, entwéckelt sech a kierzester Zäit op de sozialen Netzwierker e Stuerm dogéint, sou datt vun de Leit, déi déi Rehabilitatioun lancéiert hunn, awer och guer näischt méi iwwreg bleift. Dat war och de Fall, wéi mäin ale Kolleg – (cancelled) – virgeschloen huet, Texter vum – (cancelled) – a vum – (cancelled) – rëm an de Léierplang opzehuelen a sech dobäi baséiert hat op Theorie vun – (cancelled) –, – (cancelled) – an – (cancelled) –. Dat hat nom Virbild vum – (cancelled) – zu sou engem – (cancelled) – gefouert, datt den ieweschte Gremium du och d'Wierker vun – (cancelled) –, – (cancelled) –, – (cancelled) –, – (cancelled) – an – (cancelled) – net méi zougelooss huet. Alles an allem waren – (cancelled) –, – (cancelled) –, – (cancelled) –, – (cancelled) – du och – (cancelled) – an – (cancelled) –, wat rëm eng Kéier Leit wéi – (cancelled) –, – (cancelled) – oder – (cancelled) – an – (cancelled) – bruecht huet, ouni datt – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) – oder och – (cancelled) –, – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) – . Schliisslech koum et – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) – ouni, datt – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) –. Dobäi – (cancelled) –, dee fir – (cancelled) – agetratt ass, – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) – – (cancelled) –. Wéi ech sot, all de Leit geet et gutt hei. An et ass schéin hei. Ënner dem Buedem.

Nico Helminger

1953 zu Déifferdeng gebuer, huet zu Saarbrécken, zu Wien an zu Berlin Literatur an Theater studéiert, huet bis 1999 zu Paräis gelieft, ass elo rëm zu Lëtzebuerg. Hien huet Gedichter, Theaterstécker, Erzielungen, Libretti fir Operen a Romaner publizéiert. 2008 krut hie fir säi Gesamtwierk de Batty-Weber-Präis an 2014 de Servais-Präis fir säi Lyrik-Band „abrasch". Säi Roman „Kuerz Chronik vum Menn Malkowitsch sengen Deeg an der Loge" krut 2018 de Servais-Präis an de Lëtzebuerger Buchpräis.